

An ech wëll hei dorop hiweisen, datt virun zwee Deeg den Här Solana kloergemaach huet, dass d'Positioun vun der Unioun déi ass, eng Resolutioun an der UNO ze kréien, d'Négociatiounen esou wäit wéi méiglech weiderzeféieren oder erëm unzefänken tëschent den Haaptprotagonisten.

An deem Kontext muss och relevéiert ginn, datt den Här Çeku, de Premierminister vum Kosovo, erkläert huet, datt d'Kosovaren à ce stade net wëilten unilateral hir Indépendance deklaréieren. Esou datt ech mengen, datt deen Zeitungsartikel e bësse wäit geschoss huet an datt een elo nach kann Hoffnung hunn, datt et méiglech ass, iwwer Négociatiounen an iwwer eng Resolutioun an der UNO zu enger politescher Léisung oder mindestens emol an dësem Stadium zu enger Situatioun ze kommen, déi net op eng gréisser Konfliktsituatioun erausgeet.

Dat ass och d'Positioun vu Lëtzebuerg. Mir hunn eis ëmmer ausgeschwat fir eng Léisung am Kader vun der UNO, an duerfir muss een esou enger Solutioun Zäit ginn an och déi néideg Gedold an och dat diplomatescht Fangerspëtzegefill hunn, fir dat ze kréien. Dem Engagement vun den Amerikaner, de Fransousen an den Englänner, fir esou eng Resolutioun ze kréien, muss een eng Chance ginn. Ech hoffen, datt och hei d'Raisoun wäert am Endeffekt triumphéieren, fir esou eng Resolutioun ze kréien.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Charles Goerens (DP).**- Här President, ech fannen et ausdrécklech positiv, datt d'Regierung esou prompt op d'Questions urgentes äntwert. D'Prozedur ass jo déi, datt Dir fir d'éischt d'Urgence unerkennt an dann de Minister heihinner kënnt an d'Sitzung, wann d'Chamber sech hei versammelt. Ech hätt gär, datt sämtlech Ministeren dat esou praktikéieren, an net nëmme vu Fall zu Fall.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Goerens. Dir Dammen an Dir Hären, domadder ass dee Punkt ofgeschloss a mir kommen zu der Diskussioun vum Projet de loi 5714 iwwert de Code du Travail. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Marcel Glesener.

11. 5714 - Projet de loi relatif à la modification de l'Article L.211-11 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

» **M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.**- Här President, Kolleeginnen a Kollegen, de Projet, iwwert dee mer elo ze befannen hunn, ass den 19. Abrëll 2007 vum Aarbechtsminister déposéiert ginn.

ëm wat handelt et sech? Et geet dorëm, fir verschidde Bestëmmunge vum PAN-Gesetz vun 1999 bis zum 1. Januar 2012 ze verlängeren. Wat sinn déi Bestëmmungen? Dir kënnt lech vläicht erënneren, datt mer 1998 eng grouss Debatt haten am Lëtzebuerger Land, ënner anerem och iwwer een nationale Plang zur Beschäftegung, dee mer hu missen déposéieren, a wou mer eng ganz Rei Bestëmmungen diskutéiert hunn opgrond vun engem Accord vun der Tripartite.

Ënner anerem ass vum Congé parental geschwat ginn. Ech mengen, doru ka jiddfree sech erënneren, mä en anere Volet vu Bestëmmunge waren déi, wéi d'Aarbechtsszäiten an der Zukunft kënne geregelt ginn am Zesummenhang mat der Demande vu méi Flexibilitéit vu Säite vun der Économie, nämlech wéi am Kader vun der Flexibilitéit déi deeglech an déi wöchentlech Aarbechtsszäit kéint festgeluecht ginn ausserhalb dem Droit commun, dat heescht deenen aacht Stonnen den Dag a 40 Stonnen d'Woch.

Doriwwer eraus ass dovunner geschwat ginn, wéi an deem Kontext d'Iwwerstonne solle geregelt ginn, wéi d'Iwwerstonne solle bezuelt ginn, virun allem awer och, wéi et am Zesummenhang mat méi Flexibilitéit mat der Ofsécherung vun dem Arbeitnehmer am Betrib sech soll befannen, a virun allem, wéi et da méiglech wär, fir och sai Familielliewen an Aklang ze bréngen mat deenen Obligatiounen, déi kéinten entstoën, wann ee méi Flexibilitéit am Zesummenhang mat den Aarbechtsszäite géif der Wirtschaft zougestoën.

Mir haten do eng laang Diskussioun. Eng kontrovers Diskussioun, woubäi och d'Chamber hir Responsabilitéit iwwerholl

huet, a mir sinn dann do zur Meenung komm, datt ee misst eng bestëmmte Flexibilitéit zougestoen an zwar opgrond vun enger Referenzperiod, wou déi deeglech an déi wöchentlech Aarbechtsszäit kéint ouni Iwwerstonneregulung verlängert ginn. Déi Referenzperiod wär awer ganz staark begrenzt, well mir hunn déi op véier Woche begrenzt.

Mir hunn awer deem entgéintgesat oder bäigefügt, fir och den eenzelne Leit, déi dovun beträff sinn, d'Méiglechkeet ze ginn, wéi ech scho gesot hunn, hiert Familielliewen an Aklang ze bréngen mat hirem Berufsliwen, fir datt déi Leit awer och während där Referenzperiod virun all misste wëssen am Viraus, wéi se dagdeeglech ze schaffen hunn. An dat hu mer da gemaach opgrond vun der Erstellung a vun der Festleeung vun engem Plan d'Organisation du Travail, deen hu mer deemools POT genannt. Dat ass ee Begrëff, dee méttlerweil awer och bekannt ginn ass.

Mir hunn dat deemools décidéiert, an och an der Chamber hu mer eis Responsabilitéit iwwerholl. Ech kann lech just soen, datt dat eng vun deene Moossnamen waren, wann ee sech erëm eng Kéier zrëckversetzt an déi Diskussiounen, déi Ulass ginn hunn zu ganz heftege Kritiken. Ausser dem Congé parental, waren et just déi do Bestëmmungen, déi Ulass ginn hunn zu ganz harsche Kritiken och un d'Adress vum Parlament, wou mer ënnerstallt kritt hunn, mir hätten den Accord vun der Tripartite net respektéiert a mir hätten och am Fong geholl de Geescht vun der ganzer Tripartite a Fro gestallt.

Haut stelle mer fest, datt mer déi Moossnamen vun deemools nach eng Kéier verlängere bis 2012. Dat heescht also, datt d'Tripartite trotz allem weidergelaft ass a weider um Liewe bliwwen ass, an datt och déi Bestëmmungen, déi mer deemools getraff hunn, nach net esou schlecht waren, well bis haut opgrond vun engem Konsens am Kader vun der Tripartite nach keng besser konnte fonnt ginn.

Voilà, dat e bëssen zur Vergaangenheet, fir ze erklären, ëm wat et effektiv geet bei deene Verlängerungen. D'Gesetz vun 1999 huet dann och festgehalten, well eng ganz Rei vu wesentlechen Erneuerungen am Zesummenhang mat dem Aarbechtsliwen décidéiert gi sinn, datt mer dat Gesetz géife beschränken oder d'Auswierkunge géife beschränken op den 31. Juli 2003 an da virun eng Evaluatioun géife maache vun all deene Moossnamen a Bestëmmungen, déi mer 1999 getraff hunn, op hir Wirksamkeet an op hir Effikassitéit an ob et net noutwendeg wär, opgrond vun neien Iwwerleeungen, opgrond vun der Entwécklung an der Lëtzebuerger Wirtschaft, opgrond och vun der Entwécklung um Aarbechtsmaart, zousätzlech Moossnamen ze treffen oder verschidde Moossnamen ze ergänzen oder ze verbessern.

Wat ass geschitt, Kolleeginnen a Kollegen? Den 18. Juli 2003, wéi mer eng Rei vu Bestëmmunge vun dem PAN-Gesetz reforméiert, ergänzt hunn a verbessert hunn, nottamment déi vun de Beschäftigungs-moossname fir Jugendlecher an eeler Aarbechter, hu mer awer och festgehalten, datt mer all déi Bestëmmungen ëm d'Flexibilitéit, ëm déi Referenzperiod, iwwert d'Iwwerstonnen, iwwert de Pot, deen ech erwähnt hunn, kéinte weiderlafe loossen, well eis nach net genügend Informatiounen géife virleie fir déi ze evaluéieren, fir déi a Fro ze stellen, fir se ze verbessern.

Mir hunn den 18 Juli 2003 gesot, déi Moossnamen do, déi verlängere mer bis zum 31. Juli 2007. Dat heescht bis elo Enn Juli sinn déi Moossnamen nach ëmmer a Kraaft. Mir hunn awer och gläichzäiteg gesot, datt d'Regierung um Enn vum Joer 2006 an Zesummenaarbecht mat de Sozialpartner géif eng Evaluatioun maache vun deene Moossnamen, déi déi ganz Flexibiliséierung an Aarbechtsszäitregulunge géife betrëffen.

Wat ass geschitt? Méttlerweil ass awer en neie Moment komm, an zwar d'Diskussiounen ëm den Eenheitsstatut. Den Eenheitsstatut gesäit ausserhalb deene Moossnamen iwwert d'Bezuele vum Krankgeld awer och eng ganz Rei vun aarbechtstechnesche Bestëmmunge vir, déi och agräifen an déi Bestëmmunge vum Gesetz vun 1999, wat d'Iwwerstonneregulunge betrëfft. An d'Regierung ass dann do iwwereneekomm mat de Sozialpartner, well se dovun ausgaange sinn, datt, wann den Eenheitsstatut a Kraaft trëtt - a mir hoffen, datt en a Kraaft trëtt -, en dann 2009 a Kraaft trëtt, an och da versicht gëtt, an enger Iwwergangsszäit emol feststellen an eng Evaluatioun ze maache vun den Auswierkunge vun deem Eenheitsstatut, datt mer eis da géifen, wann den Eenheitsstatut da gestëmmt gëtt, en Zäitraum loosse bis den 1. Januar 2012, wou dann eng éischt Evaluatioun soll décidéiert sinn, wéi déi eenzel

Moossname vum Eenheitsstatut Auswierkungen haten, ob ee muss verschidde Remanienter maachen, ob ee verschidde Saache misst verbessern oder ob ee kéint global mat deem Eenheitsstatut weiderfueren.

Well nun awer, wéi ech scho gesot hunn, deen Eenheitsstatut ganz kloer Parallelen huet zum Gesetzprojet vun der Aarbechtsszäit iwwert d'PAN-Gesetz, wat d'Iwwerstonneregulunge betrëfft, wär et net sënnavoll gewiescht elo eng Diskussioun ze féiere bis zum 31. Juli, fir déi POT- oder déi Flexibiliséierungsmoossnamen erëm eng Kéier frësch ze evaluéieren an da spéiderhin no dräi Joer erëm eng Kéier unzefänken, no där Iwwergangsszäit, déi mer eis am Zesummenhang mat der Applikatioun vum Eenheitsstatut wëlle ginn.

Dofir war d'Regierung zesumme mat de Sozialpartner der Meenung, datt et sënnavoll wär fir elo och déi Moossname vum PAN-Gesetz, déi mer schonn eng Kéier verlängert hu bis zum 31. Juli 2007, parallell weider ze verlängere bis et zu enger globaler Evaluatioun, spéitstens den 1. Januar 2012, vun all deene Moossnamen kënnt, déi mer an der Rumm vum Eenheitsstatut a vun de Flexibiliséierungsmoossnamen, der Iwwerstonneregulung, an der Rumm vum PAN-Gesetz décidéiert hunn, fir déi zesummen ze evaluéieren an dann zesummen zu Konklusiounen ze kommen.

Voilà, Kolleeginnen a Kollegen, dat zur Erklärung wéisou d'Regierung zesumme mat de Sozialpartner zu där Konklusioun komm ass, fir elo déi bestehend Moossname vum PAN-Gesetz vun '99 nach eng Kéier ze verlängeren a fir zesumme mat dem Eenheitsstatut, mat deene Moossnamen, ze evaluéieren an ze kucken: Wat huet dat bruecht? Wat muss verbessert ginn, an zwar den 1. Januar 2012? Dat bedeit also, datt mer déi PAN-Bestëmmunge vum PAN-Gesetz nach eng Kéier verlängeren op den 1. Januar 2012.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.**- Dee Projekt huet d'Regierung, wéi gesot, den 19. Abrëll déposéiert. D'Berufschamberen hunn alleguerten hire prinzipiellen Accord zu där Verlängerung ginn, woubäi eenzel Berufschamberen natierlech Nuancen ugemellt hunn, déi se schonn '98, '99 ugemellt haten am Zesummenhang mat der Referenzperiod, mat der Dauer, nottamment d'Patronatsberufschamberen, déi der Meenung waren, datt déi Referenzperiod vu véier Wochen ze kuerz wär. Mä dat si Froen, déi een diskutéiere muss, wann een effektiv iwwer eng Neuordnung vun deene Bestëmmungen diskutéiert. Mä et geet elo drëm, wéi gesot, mir wëlle jo elo nëmmen dat gesamt eng Kéier duerchdiskutéieren, an zwar dräi Joer nom Akraafttriede vum Eenheitsstatut.

Onofhängeg elo vun deene Bemierkungen hu se awer all, d'Patronats- an d'Berufschamberen, hiren Accord zur Verlängerung ginn.

De Statsrot huet och e positiven Avis zur Verlängerung ofginn. Allerdéngs mécht en drop opmierksam, datt et net déi allerbeschte legislativ Prozedur wär, wann ee Gesetzer géif décidéieren a soen, déi hunn dann eng Lafzäit bis dann, an da kucke mer erëm eng Kéier an da kucke mer wat mer maachen a mir verlängeren. De Statsrot ass der Meenung, datt een, wann ee Gesetzer mécht, soll Gesetzer maachen, a wann een der Meenung ass, datt verschidde Saache misste verbessert oder ëmgeännert ginn, da soll een dat an engem spezielle Gesetz maachen, ouni dass een elo an Zäitdrock ass, mä opgrond vun der Situatioun.

Mir an der Kommissioun waren darselwechter Meenung wéi de Statsrot, mä mir waren awer och der Meenung, datt et méi Sënn elo géif maachen, an dësem Moment op jidde Fall, déi Ausnahm weiderzeféieren an dat zesumme mat de Bestëmmunge vum Eenheitsstatut, wann en dann also a Kraaft trëtt 2009, ze evaluéieren an dann 2012 ze gesinn, ob ee muss nei oder Ergänzungs-moossnamen treffen.

Dat wär dann och d'Meenung vun der Kommissioun, déi, wéi gesot, elo virun annerhallwer Woch deem Projet vun der Regierung unanime hir Zoustëmmung ginn huet. Ech géif dann och am Numm vun der zoustänneger Chamberskommissioun d'Chamber bidden deem Projet de loi hir Zoustëmmung ze ginn. Gläichzäiteg ginn ech och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Rapporteur. Den honorabelen Här Krieps huet d'Wuert gefrot fir d'DP-Fraktioun.

Discussion générale (Interruption)

» **M. Alexandre Krieps (DP).**- Kee Problem. Merci, Här Gibéryen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären: „Mehr Flexibilität für mehr Arbeit. Das Arbeitsgesetz soll mit Blick auf die Konkurrenzsituation besonders in der Großregion und in Europa analysiert werden und dort nachgebessert werden, wo es Arbeit verhindert. Die DP denkt beispielsweise daran, die für eine sogenannte POT geltende Referenzzeit von einem Monat auf zwölf Monate auszuweiten. Es geht hierbei nicht darum, das bestehende Arbeitsrecht zu zerschlagen, sondern im Gegenteil sichere und qualitativ hochwertige Arbeitsplätze zu schaffen und abzusichern.“ Dat war dat éischt Zitat.

Dat zweet Zitat ënner engem Kapitel, dat heescht „Aarbechtsrecht verstärkt op mëttelstänneg Betriber zouschneiden“: „Im Rahmen der spätestens 2007 vorgesehene Überprüfung des Nationalen Beschäftigungsplanes werden wir die praktische Anwendung von Überstundenregelungen und Arbeitszeiten in den kleineren Betrieben besonders unter die Lupe nehmen.“ En anere Sous-titre, „d'Kompetitivitéit vum Mëttelstand stärken“: „Der dauerhafte Erfolg des luxemburgischen Mittelstandes ist in erheblichem Maße von seiner Wettbewerbsfähigkeit abhängig, insbesondere im Rahmen der Großregion. Die luxemburgischen Betriebe müssen daher nicht nur dauerhaft qualitativ hochwertige Arbeit leisten, sondern auch konkurrenzfähig gegenüber kleinen und mittleren Betrieben aus Lothringen, dem Saarland, Rheinland-Pfalz und der belgischen Provinzen Luxemburg und Lüttich sein.“

Dat éischt Zitat, Här President, ...

(Interruption)

Neen, ech hunn der nach e puer, déi kommen elo eréischt.

(Hilarité)

Dat éischt Zitat, dat ass de Punkt 6 gewiescht vun engem Pabeier, deen d'Demokratesch Partei am Abrëll 2006 öffentlech virgestallt huet, dat war de Punkt 6 vun 33 Reformdebattvirschléi. Deen zweete Paragraph, dee staamt aus enger Publicatioun vun 136 Säiten, déi ass erauskomm am zweeten Trimester 2004 ënnert dem Titel „De séchere Wee“. An dat drëtt Zitat staamt och aus där nämlecher Zeitung, „De séchere Wee“, aus dem zweeten Trimester - dot mech net laachen, Här Gibéryen! Ech hunn dat awer zitéiert, fir de Kolleeg Sauber hei ze berouegen, datt och d'CSV u si denke géif.

D'Demokratesch Partei ënnerstëtzt dës Gesetzesvirlag genau wéi de President-Rapporteur Glesener gesot huet, wéi all d'Chambres professionnelles. Hei geet et also ëm d'Verlängerung vu verschiddenen Dispositiounen vum PAN-Gesetz, mä ech soen och dofir dem President-Rapporteur Marcel Glesener Merci fir seng Ausféierungen am mëndlechen a schrëffleche Bericht.

Ech wollt natierlech hei op der Tribün e bëssen den Equiliber hierstellen, och awer fir dat, wat déi Chambres professionnelles vun de Patrone gesot hunn, dat heescht d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, well déi sinn elo e bëssen ze kuerz komm gewiescht, fir datt mer awer eng ausgeglachen Diskussioun hei kréien.

An zwar soten déi, si wieren och fir d'Verlängerung vun deene Mesurë vum PAN-Gesetz, mä si hu sech gewonnert, dass si am Hierscht 2006 dee Rapport d'évaluation net zougestallt kritt hunn, wat, mengen ech, awer eng kuriéis Aart a Weis ass. Dat schreiwe se op alle Fall an hire Rapporten. Wat se och nach schreiwen, si begrëissen - an hire Wieder - déi begrenzt Flexibilitéit um Aarbechtsmaart a si hu sech och ausgedréckt eben, fir déi Referenzperiod - de Rapporteur huet dat gesot - vu véier Wochen op zwielef Méint gesetzlech ze regelen an net iwwert de Kollektivvertrag.

En aneren Aspekt war hiert Bedauern iwwert deen zäitlechen Décalage vun der Analys - oder soll ee soen Déphasage vun der Analys vun dësem Gesetz -, also déi Réévaluation vum PAN-Gesetz den 31. Juli 2011, wéi et virgesinn ass, duerch déi hei Gesetzesvirlag an deem neien nach ze defi-

néierende Gesetz iwwert de Statut unique, déi dann dräi Joer nom 1. Januar 2009, dat heescht am Dezember 2011, géif virgeholl ginn. Eis Propositionen ass et, dass déi zwou Evaluatiounen matenee solle gemaach ginn, fir datt een awer den Impakt op den Aarbechtsmaart vun deenen zwee Gesetzzer kéint gesinn.

De President-Rapporteur Glesener huet mat Recht drop higewisen, datt 2003 déi Gesetzgebung e bëssen ajustéiert ginn ass, well soss hätt ech lech kënnen en „Wort“-Artikel aus dem Mäerz 2000 zitëieren, ënnert dem Titel „Scharfe Kritik an der Umsetzung des PAN-Gesetzes“. Hie war do interviewt ginn am „Wort“, an deen Artikel do ass résuméiert ginn an enger Publication, déi „De schwaarzen Hond“ geheescht huet. Dat war politesch Informatioun fir Jonker. Déi ass gegrënnt ginn am Summer '99. „De schwaarzen Hond“ huet entweder säithier seng Zänn verluer oder en ass ageschleift ginn, mä et héiert een näischt méi vun him.

(Hilarité)

Neen, neen. Ech géif mengen, Här Minister, am Hibleck op eng regional a globaliséiert Wirtschafts- an Aarbechtswelt wäerten déi Evaluatiounen vun 2011 kritesch ginn. Do misst een déi och ugoen ouni déi üblech Scheiklappen, wéi mir se hunn, net datt mer e Remake kréie vum Rapport Fontagné, dee jo nodréiglech ajustéiert ginn ass.

D'DP, wéi gesot, stëmmt deen heite Gesetzsversschlag. Si wär natierlech net onzufrieden, wann déi opgeworfe Problemer, och vun der Patronatssäit - well ech mengen hei gétt ëmmer vu Sozialpartner geschwat, dann denken déi meescht Leit am Land, dat wär tëschent de Gewerkschaften an der Regierung, mä ech mengen, do ass jo d'Patronat och nach derbäi - zumindest an der zoustänneger Chamberskommissioun, Här Kaes, géifen diskutéiert ginn; a wa méiglech virun 2011.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Krieps. Dann huet d'Wuert den honorabelen Här Castegnaro.

» M. John Castegnaro (LSAP).- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt dem President-Rapporteur Merci fir säin ausféierleche mëndleche Rapport de Mëtten, wou hien d'Schwéierpunkten, déi an der Kommissioun zur Diskussioun stoungen, nach eng kéier besonnesch ervirgestrach huet. Dat ass och an där komplexer Matière duerchaus noutwendeg gewiescht. Et fënnt een och munches vun deem am schrëftleche Rapport erëm.

Ech muss soen, wéi ech den honorabelen Alexandre Krieps elo am Ufank héieren hunn, hat ech geduecht, hie géif dergéinstëmmen. Besonnesch du wéi hien ugefaangen huet aus der Bloer Bibel ze zitëieren, an ech gemengt hunn, et wier keng Flexibilitéit an der DP, well se géifen op hirem Standpunkt stoe bleiwen, deen effektiv ganz no beim Patronatsstandpunkt ass. Mä mir liewen an esou enger Gesellschaft. Jiddferen huet e Recht fir dat ze soen an ze verrieden, wat hie fir richtig hält. Mä am Endeffekt huet hie jo hei kloergemaach, dass d'DP d'accord ass. Et ass och dat, wat den Owend hei beim Vote entscheidend ass.

Ech wëllt just drop hiweisen, dass genee virun zéng Joer deen éischte Sommet pour l'emploi hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet; deen éischten an dee leschten, well et war kee méi duerno, obwuel de Chômage jo net wesentlech zrëckgaangen ass. An et ass eigentlech op deem Sommet pour l'emploi wou d'Regierungschefen decidéiert hunn, dass an de Länner vun der Europäescher Unioun sollten dräiparteiesch Gremien agesat ginn, fir d'Iwwerleeungen, déi de Sommet zrëckbehalen huet, a Musek ëmzesetzen.

Dat war zu Lëtzebuerg an deem Sënn einfach, well mir jo nach ëmmer - och '97 - eng Tripartite haten, an domat ënner anerem e Feu vert kritt hunn an d'Berechtigung kritt hunn, déi Tripartite oprechtzëerhalen an domat weiderzefueren. Et si jo Leit, déi sech ëmmer déi Fro stellen: Brauche mer dat nach iwwerhaapt? Bon, et gesäit een och un eenzelnen Dossieren, dass d'Kommissioun selwer esou Iwwerleeunge gefouert huet.

Mir waren - muss ee soen - déi Eenzeg an Europa, déi eng Tripartite - eng dräiparteiesch Zesummesetzung - haten, fir sech mam Thema vun der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet duerch e Koup vu Moosnamen auserneenzenetzen.

Et war och deemools 1999 hei an deem héijen Haus, wou dat sougenannt Omnibus-Gesetz verabschiedet ginn ass. Dat risegt Gesetz, wou e Koup vu Moosnamen draoustoungen, fir d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet an enger Villfáltegkeet vu Mesurë kënnen ze realiséieren.

Deen Deel, deen elo haut zur Debatt steet, ass en Deel vun deem, wat '99 an deem sougenannten, oft kritiséierten Omnibus-Gesetz zrëckbehalen ginn ass. An et kann ee réckwierkend soen, dass viles oder dat meescht vun deem, wat zrëckbehalen ginn ass, Uwendung fonnt huet an och d'Feierprouf bestanen huet, an dass ee viles vun deem net ofgeschaaft huet oder eigentlech näischt ofgeschaaft huet; obwuel och déi Meenung oft bestanen huet.

Mä och aus deem Grond, well ee gesot huet, Saachen, déi ugewannt gi sinn, déi de Moment net gebraucht ginn, déi brauch ee vläicht muer oder iwwermuer. Kommt mer loosse se stoen. Kommt mir verbessere se. Kommt mir baue se aus. Kommt mir ergänze se. Dat hu mir jo och am Verlaf vun de leschte Joren, souwuel hei am héijen Haus, mä besonnesch och an der Tripartite, och tëschent de Sozialpartner, an de Sozialpartner an der Regierung, och oft nom Subsidiaritätsprinzip, realiséiert. Dat soll een ervirsträichen, well et derwäert ass ervirgestrach ze ginn.

Mä nach eng kéier, d'Bedeutung vun deem, wat am Omnibus-Gesetz steet, wat u Mesurë geholl ginn ass, ass net jiddferengem bis haut bekannt, well ee feststellt, dass oft vill Salariéen net wësse wat fir si gemaach ginn ass, mä - wat vill méi schlémm ass - vill Patronen och net wësse wat et u Mesurë gétt, souguer wa vill vun deene Mesuren hinne Geld bréngen, hinne finanziell Ënnerstützung a villfálteger Form erlaben. Mä oft hu se keng Zäit oder hu se keen Interessi oder se ginn den einfache Wee, fir hiert Personal opzestacken, andeem se Grenzgänger astellen oder einfach zrëckgräifen op déi Demandeurs d'emploi, déi am einfachsten ze kréie sinn. Duerfir ass et ëmmer erëm noutwendeg op alles hinzewiesen.

Wichtig bei dëser Mesure, déi mer elo verlängeren, ass, dass et eng kontrolléiert Flexibilitéit muss bleiwen. D'Flexibilitéit dierf net à gogo sinn. Déi dierf och net à la carte esou entwéckelt gi wéi de Betrib dat an engem gewëssene Moment als noutwendeg emfënt. An et ass duerchaus richtig: D'Flexibilitéit hänkt ganz enk mat der Kompetitivitéit vun den Entrepreneuren zesummen. Dat huet jo och zu där net onberechtelter Iwwerleeung vum Statsrot gefouert, fir ze soen: Hei lauschtert, Dir verlängert d'Gesetz bis den 31. Dezember 2011. Wéi wann d'Kompetitivitéit net och nach duerno en Thema wier. Mä bon, dat ass eng pertinent Bemierkung.

Mä mir wëssen, dass mer an enger Welt an engem Moment liewen, wou déi Flexibilitéit permanent zur Debatt steet, a wou ebe mam Ophänker - an dat ass jo och schonn hei vu mengem Virriedner gesot ginn - vun der Globaliséierung, vun de Problemer vun der Groussregioun, vun der Konkurrenz erëm eng kéier, esou wéi se nun eemol fonctionnéiert, och an engem Land wéi an eisem muss derfir gesuergt ginn, dass ee mat zwee Féiss um Buedem bleift, an dass een ebe versicht enger Rei vu Contraintë Rechnung ze droen. Dat ass jo dann net nëmmen am Interessi vum Betrib, also och am Interessi vun der Aarbechtsplatzsicherung, a souguer vun der Schafung vun neien Aarbechtsplazen.

Mä alles, wat mer awer déi lescht Méint a Jore liesen, Saachen, déi mat der Lissabon-Strategie zesummenhängen, déi zesummenhängen mam Gréngbuch iwwert d'Aarbechtsrecht, wou engem d'Hoer kënnen zu Bierg stoen, iwwert déi Liberaliséierung, déi do ugestriift gétt, déi ganz wäit riskéiert ze goen, mä wou ech elo scho weess, dass dëst Haus do wäert Nee soen. Ech hu jo mat vill Freed gëschter festgestallt, dass och d'DP géint d'Liberaliséierung stëmmt. Also hu mer do e staarke Partner, wann dann déi Diskussioun sech hei eng kéier...

(Interruption)

Et ass ganz nei. Mech freet, wann een net stoe bleift. Dat ass wichtig. Dat ënnersträicht Är Flexibilitéit.

(Interruption)

Déi hunn ech nach net gelies. Ech hat nach net esou vill Zäit.

» Une voix.- Maacht et awer.

» M. John Castegnaro (LSAP).- Ech war haut schwéier engagéiert hei nozelauschteren an ofzestëmmen.

Mä nach eng kéier, dat Gréngbuch, wat ënnerwee ass, wat also soll zu ville Verännerunge féieren, muss een am A behalen. Dat muss mer och hei an deem héijen Haus dach eng kéier op den Ordre du jour vun der Kommissioun huelen. Mir hunn dat verpasst virun e puer Méint - bewusst oder onbewusst -, mä et ass schonn noutwendeg, dass ee sech méi intensiv dermat auserneeetzt, fir net iergendwou eng kéier iwwerrascht ze ginn.

Zu där Verlängerung, déi mer haut stëmmen, gehéiert de Prinzip vun der Unerkennung a Festschreiwung vun der 40-Stonnewoch. Dat soll een och emol nach eng kéier ervirsträichen. Mä et kënnt eben dann derbäi, dass een d'Aarbechtszäitorganisatioun parallel diskutéiert. Et kënnt derbäi, wat de Marcel Glesener de Plan d'Organisation du Travail - oder am Volleksmond de POT - nennt, datt dee geschaf ginn ass, an d'Referenzperioden, déi menger Meenung no bewisen hunn, dass een domat duerchaus ka fonctionnéieren, och wa mer wëssen, dass mer Ausnahmen hu wéi am Transportsektor, wéi am Horeca-Sektor, déi och nach wäerten eng länger Zäit trotz gesetzleche Changementer bestoe bleiwen.

Dat Wichtigst ass a bleift awer nieft dem Regelwierk, dem gesetzleche Regelwierk, wat mer hunn, dass op Betribsniveau Léisungen am Kader vun deem, wat gesetzlech festgeluecht ginn ass, pro Betrib fonnt ginn. An dat ass da méiglech, wann dat am Kader vun enger echter Sozialpartnerschaft passéiert, also am Kader vun engem gudde Betribsklima, engem zolitte Sozialdialog, vu géigesäitegem Respekt, an da bréngt een et fäerdeg, d'Interesse souwuel vum Betrib wéi vum Salariaé ze verrieden, an dat schéngt mer immens wichtig ze sinn.

An ech wëll och hei besonnesch ënnersträichen, well dat éineschters och ugeklongen ass: Dat Ganzt soll a muss sech weiderhin am Kader vun de Kollektivverträge ofspillen, an de Kader ass jo och do gesat. En ass mam neie Kollektivvertragsgesetz vun 2004, fir et emol vereinfacht esou ze nennen, nach verstärkt a verbessert ginn. An et gétt wéineg Länner, déi esou eng flott, breet Basis hu fir kënnen déi richtig Décisiounen, gemeinsam Décisiounen am Interesse vun alle Betraffenen ze huelen.

An eppes, wat ech nach wëll ervirsträichen - de Marcel Glesener ass dorop agaangen -, dat ass dass och de Statut unique natierlech schonn an déi Diskussiounen hei eragespillt huet. Et gesäit jo Gott sei Dank viles duerno aus, wéi wann en da kéint deemnächst Realitéit ginn. Dat brauch eng Zäit fir waarm ze lafen, fir all déi Changeementer, déi sech erënn um Terrain aus engem Statut unique, an da brauch een erëm eng kéier dat anert Regelwierk fir net an de Vide oder an eng Situatioun ze falen, déi net am Interessi vun de Betriber an de Leit wier.

E lescht Wuert, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen. Mir müssen eis natierlech och am Ëmfeld vun enger Diskussioun wéi där heiter ëmmer erëm mam Thema Vollbeschäftegung auserneetzen. Och déi heite Mesuren hate jo zum Deel den Hannergedanke fir Aarbechtsplazen ze halen an neier ze schafen. An déi heite wéi vill aner Mesuren, déi mer an deem Omnibus-Gesetz an an all deem, wat duerno nokomm ass, getraff hunn, hu jo net - an dat wëssen a bedauere mer - zur Ëremhierstellung vun der Vollbeschäftegung gefouert.

Et calméiert sech de Moment liicht, mä mir wëssen, dass mer nach iwwer Jore mat enger relativ héijer Aarbechtslosegkeet wäerte konfrontéiert ginn, och wéinst der Konkurrenz aus der Groussregioun, och wéinst de strukturelle Problemer, déi sech an der gesamter Wirtschaft ëmmer méi staark entwéckelen.

Et ass also wichtig, dass een ëmmer all bestehend Regelwierker nokuckt, iwwerpréift, ausbessert, verbessert, ergänzt. Mä et ass genausou noutwendeg, an et dierf een net midd ginn, fir et ëmmer erëm ze ënnersträichen, dass dat Ganzt och ganz vill Solidaritéit vun allen Acteuren verlaangt: vun de Patronen, fir d'Spill matzespillen, souwuel bei der Bekämpfung vum Chômage wéi bei der Organisatioun vun der Aarbechtszäit, mä genausou vun de Gewerkschaften, genausou vun all eenzelnen Arbeitnehmer oder Chômeur, fir sech enger gewëssener Realitéit unzupassen. Dat geet dann, wann d'Regele klappen a wann et net op d'Käschte vun deem engen oder deem anere geet.

An ech wier frou, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, an dat adresséieren ech un de Minister, wa mer dann am Hierscht géifen déi Aktualitéitsdebatt iwwert d'Situatioun um Aarbechtsmaart féieren. Mir hunn

doriwwer geschwat. Mir hu gemengt, et sollt ee se net elo maachen, mä waarde bis an den Hierscht.

Firwat? Ma well an der Tëschenzäit de 5611, dee berühmt-berüchtiget, jo an d'Praxis ëmgesat gétt, well d'Administration de l'Emploi eis och an der Commission du Travail et de l'Emploi bewisen oder op d'mannst erkläert huet, dass se sech op déi nei Roll, déi si ze spillen huet, op d'mannst hei an der Stad am Siège agefallt huet, sou dass dat och weist, dass et ka fonctionnéieren.

Mä dass mer eis eens sinn, dass een am Hierscht nach eng kéier muss a) d'Gesamt-situatioun kucken, b) kucken, wéi de 5611 an aner rezent Moosname sech um Terrain bewäert hunn oder wéi dat fonctionnéiert. An c) firwat net och dann iwwerleeën, wat fir nei Initiativen et kéinte gi fir där schrecklecher Situatioun vum Chômage bäizekommen. Dat zum Schluss.

Fir de Rescht soen ech, dass d'LSAP fir de Projet de loi wäert stëmmen.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. Dann huet d'Madame Loschetter d'Wuert.

» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Ech géif gären zum Projet de loi 5714 hei schwätzen a géif mech op dat Wesentlech och beschränken. Ech géif gär dem Rapporteur Merci soe fir säi klenge mëndleche Historique, deen - ech denken - awer wichtig war, fir och ze situéieren wat fir Mesuren oder wat prezis haut soll duerch dëse Projet de loi verlängert ginn.

An ech wëllt och net wéi all déi, déi virdu geschwat hunn, och nach zousätzlech zum Historique bäifügen, mä ech géif gären am Numm vun der grénger Fraktioun eng wesentlech Remarque maachen, eng Préoccupation, déi mer hunn, a vläicht och eng Fro un de Minister stellen.

Ech denken, datt et immens wichtig ass, fir effektiv déi Spann bis 2012 ze verlängeren. Mir denken och, datt et effektiv Sënn mécht ze verlängeren net nëmmen dofir, mä och fir kënnen eng uerdentlech Evaluatioun ze maachen.

Mir sinn awer och der Meenung, datt grad - vläicht net nëmmen -, mä grad déi do Mesurë vun der Organisation du temps de travail, vun deem berühmte POT ënner anerem eng Aart Garde-fou sinn, déi mer, denken ech, haut méi wéi jee brauchen, vläicht och wann ee kuckt, effektiv an deene Verhandlungen, déi jo elo nach gefouert gi par rapport zum Statut unique a méi spezifesch par rapport zu den Iwwerstonnen.

Mir denken, datt d'Iwwerstonnen net sollen hei am Kader notament vum Statut unique eng nei Daseinsberechtigung kréien. Mir zidderen e bësselchen, obwuel mer wëssen, datt den Aarbechtsminister awer nach eng sozial Oder huet. Mä wa mer kucken, wat niewendrun a Frankräich de Moment diskutéiert gétt par rapport zu den Iwwerstonneregulungen oder iwwerhaapt zur Astellung par rapport zu den Iwwerstonnen, da si mir frou wa mer wëssen, datt et nach ëmmer e POT gétt an engem PAN, deen eis, denken ech, genuch Flexibilitéit léisst an awer et erméiglecht, déi noutwendeg Sécherheet am Aarbechtsrecht an der Aarbechtsgestaltung ze loossen.

Ech denken och un d'Direktiv iwwert den Travailleur mobile oder un eng nei Direktiv, déi och elo gläich erëm wäert antreffen. Se ass net nei, mä eigentlech eng Adaptatioun vun dem Aménagement du temps de travail, wou och bei eisen europäesche Kolleegen iwwer ganz aner Formen a ganz aner Philosophien nogeduecht gétt iwwert d'Aarbecht an d'Aarbechtszäiten an d'Aarbechtsstonnen, an iwwerhaapt wat e Mensch a sengem Liewen esou un Aarbechtsstonnen am Dag an an der Woch packt, an doriwwer ob ee Mensch op dëser Welt ass fir just ze schaffen an awéiwäit hien dat och gesondheetlech packt.

Duerfir stëmme mir där Saach hei zou. Dat ass eis Zoustëmmung zu deem Projet. Et ass awer och eis Besuergnis, déi ech haut scho wëll ukënnegen. Ech kéint natierlech weider doriwwer schwätzen, mä dat ass jo net d'Ursach vun deem, firwat ech hei stinn.

Dann zum Schluss eben d'Fro un den Aarbechtsminister: Wéi gesäit déi Evaluatioun aus? Ech denken, et misste sech jo och schonn haut Gedanken doriwwer gemaach ginn. Et misste schonn haut verschidden Indicateure festgehale gi sinn. Wéi eng sinn dat? Gi bis 2012 Tëschenevaluatiounen bekannt gemaach? Zum Beispill och, wann

eventuell dee Statut unique da géif mat a Considératioun falen? Gëtt et Perioden, wou eng Tëschevaluatioun wäert gemaach ginn? Wie sinn déi Leit oder Institutionen, déi wäerten an d' Evaluatioun deelhuelen oder déi domadder beoptraagt ginn?

Voilà! Dëst kuerz gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren. Mir stëmme wéi gesot dee Projet hei mat.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Den Här Gibéryen huet elo d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Merci, Här President. Och vun eiser Säit e Merci un de Kolleeg Marcel Glesener als Rapporteur vun dësem Gesetz. Ech géif och direkt vun eiser Säit aus d'Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen.

Dëse Projet, dee mer hei am Fong hunn, ass e ganz klengen. Et ass am Fong nëmme just den Datum, dee geréckelt gëtt, well en Erfallsdatum am Juli 2007 ass a well dat eben elo verlängert gëtt op den 31.12.2011.

Inhaltlech gëtt also näischt geännert, mir réckelen am Fong just en Datum. Op där anerer Säit war et awer gutt, datt de Kolleeg Glesener e klenge Réckbléck gemaach huet ëm d'Entstoen an d'Geschicht vun deem Gesetz, fir datt een dat kann elo awer erëm eng Kéier sech zu Härze féieren.

Ech géif dofir awer net méi dorop agoen. Ech géif just e prinzipielle Gedanken hei mat an d'Diskussioun erabréngen: Dat ass, wa mer Gesetzter maachen, wou mer esou Datumer setzen, datt mer soen, datt Gesetz hei huet nëmme seng Gültegkeet bis deen an deen Datum, ob een dat onbedéngt misst esou maachen oder ob een net soll ee Gesetz stëmmen ouni eng Limite, a wann et eng Kéier zum Zäitpunkt kënnt, datt ee mengt, et misst een dat Gesetz ofänneren oder stoppen, da muss een en neit Gesetz maachen. Fir en Automatissem dranzesetzen ass awer scho fir mech eng gelunge Prozedur, wat da jo och zur Konsequenz huet, déi mer eben haut hunn, datt mer da periodesch mussen esou Gesetzter weider verlängeren.

Et gëtt allerdéngs en Argument, zu dësem Zäitpunkt, wann ee seet, datt de Statut unique an der Diskussioun ass an datt ee weinst där Diskussioun eben elo dat Gesetz hei verlängert. An dofir wär meng Fro och vun eiser Säit un den Här Minister, Här President, ob dann elo am Kader vun der Tripartite a vun dem Statut unique schonn Diskussiounen gefouert gi sinn, net nëmme wat d'Indemniséiere vun den Iwwerstonnen ubelaangt, mä och wat dëse spezifesch Punkt ubelaangt.

Mir wëssen, datt do d'Meenungen auserneeginn, déi eng véier Wochen, déi aner zwielef Méint. Sinn och an deem Kader Diskussiounen elo an der Tripartite gefouert ginn? Well wann an deem Kader jo keng Diskussiounen gefouert gi wären, dann hätt ee jo am Fong keen neien Délai brächten an dat Gesetz hei anzeféieren.

Dofir deelen ech deelweis d'Besuergebnis, déi d'Madame Loschetter als meng Virriednerin opgefouert huet, datt een also och kann dovun ausgoen, datt eventuell duerch dee ganzen Accord, deen elo am Zesummenhang mam Eenheitsstatut getraff ginn ass, vläicht och do Ännerungen op dësem Niveau antrieden däerften. Wann dat net de Fall wär hätte mir, menger Meinung no, keen Datum brächten an den Text hei elo mat anzesetzen.

Wéi gesot, zum Inhalt vum Gesetz direkt ass näischt ze soen. Et ass den Délai, dee verlaangt gëtt. Mä ech wëll déi generell Remarque maachen, well mer Gesetzter maache mat den Délaien, wou ech dach awer der Meinung sinn, datt dat vläicht eng schlecht legislativ Prozedur wär.

Dat gesot, nach eng Kéier den Accord vun eisem Grupp.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Dann den Här Jaerling!

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Merci, Här President. Ech deelen d'Mee-nung vu verschiddene Virriedner hei net, dass ee mat der Flexibiliséierung do gutt liewe kann. Ech weess awer, dass mer am Moment keng aner Wiel hunn an dass mer besser hunn, dat Gesetz elo nach déi véier Joer do weiderzeféieren, well ech fäerte soss ganz, wa mer dru fummele ginn, da geet et an eng Richtung, déi mer nach man-ner géif schmaachen.

Dofir ginn ech dann awer elo léiwer meng Zoustëmmung zu deem Gesetz wéi wa mer elo am Kader vun deem Statut unique dann och nach doriwwer géifen diskutéieren. Well ech mengen, da mer dee Pabeier hei virleie kréien, da wäerte mer scho Chaos genuch virfannen, wou mer drun ze knaen hunn, wo-

chen- a méintlaang. Da brauche mer es net nach derbäizefügen.

Well ech einfach, wat d'Flexibiliséierung, besonnesch wat déi Karenzzäit, déi Referenzperioden ubelaangt, do weess ech, dass et an enger Rei Betriber an der Praxis just de Betriber dënglech ass, déi Flexibilitéit, an dass d'Salariéen, ausser dass se a verschiddene Secteuren hir Iwwerstonnen net bezuelt kréien an och méi Stonne schaffe wéi se mussen, ouni se bezuelt ze kréien, dass dat d'Resultat ass an der Praxis vun där Flexibilitéit.

Ech wäert mech och weider do dergéint wieren, well et dee falsche Wee ass. Well ech einfach soen, all Betrib muss kënne fäeg sinn, sech esou ze organiséiere mat den Aarbechtszäiten, déi jidderengem eng fix Aarbechtszäit garantéieren a wou och kee Betrib dru Faillite géif goen, wann d'Aarbechtszäite kloer definéiert wären; well mir maachen elo an der Lescht soss weider näischt méi wéi flexibiliséieren. Déi Leidtragend, dat sinn ëmmer d'Salariéen.

A wann ech dann och nach héieren, dass mer elo iergendwéi och nach iwwer ee Ston-nekredit ufänken ze diskutéieren, iwwer e liewenslängleche Stonnekredit, da sti mer d'Hoer nach méi zu Bierg. Et ass gutt, dass ech der net méi vill hunn, soss géif een et elo scho gesinn.

Duerfir soen ech also einfach, déi heite Me-sure kann een nach akzeptéieren, mä wann ech awer elo erëm héieren, dass am Kader vum Statut unique elo alt erëm eng Kéier soll e Statut unique kommen, wou zwee Secteure schonn erëm d'office ausgekla-mert sinn, ech mengen da brauche mer net méi vun engem Statut unique ze schwätzen - an ech schwätzen elo net vun der Foncti-on publique, wou een nach ka soen, dass een nach domat d'accord si kann, well dat géif méi Komplikatiounen schafen, wéi se der aus der Welt géif schafen, mä ech schwätzen elo vum Privatsektor.

Wa mer et do emol net fäerdeg bréngen, e Statut unique ze maachen, wou d'Salarié-e vun all Sektour wierklech déiselwecht Rech-ter kréien, ech géif mengen da brauche mer net vun engem Statut unique ze schwätzen. Da schaffe mer erëm eng Kéier à la tête du cli-ent an da kréien erëm eng Kéier ver-schidde Secteuren Extrawurschte gebro-den, an dat geet alt erëm eng Kéier op d'Käschte vum Salariat, an ech hunn do och meng Bedenken.

Ech wäert mech jiddefalls drop gefaasst maachen, dass et erëm eng Kéier an eng Richtung geet, déi mer net schmaacht, an da weess den Här Minister jo dann dee Mo-ment op wat dass e sech soll gefaasst maa-chen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Aar-bechtsminister François Biltgen.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d'éischt dem Rapporteur Marcel Glesener Merci soe fir säi Bericht, virun allem well en och den Historique gemaach huet iwwert déi Diskussiounen, déi mer '98 haten an déi op enger Tripartite baséieren an déi herno zum PAN-Gesetz vun '99 gefouert hunn, wat laang an hefteg an dëser Chamber deemools diskutéiert gouf.

Et muss een och wëssen, dass dat e Kom-promëss war tëschent dem Patronat an dem Salariat. Am Kader vun deem Kompromëss ass gesot ginn, dass eng Partie Mesurë géife bis 2003 lafen an da géif gekuckt ginn, ob se géife verlängert ginn oder net, an dat war alles wat vu méi Flexibilitéit koom. Dat war d'Referenzperiod, déi vun enger Woch op véier Wochen an duerno op ee Mount eropgesat gouf. Dat war d'Méiglechkeet vum Minister a vun de Sozialpartner, méi Flexibilitéit ze ginn. An dat waren all déi aner Diskussiounen, déi hei an der Cham-ber gefouert goufen. Ech mengen, et war wichteg dat ze rappeléieren.

An ech hat jo eigentlech wëlles haut iwwer-haapt näischt ze soen, well ech der Mee-nung war, datt den Här Glesener alles gesot hätt, mä elo sinn dann awer nach eng Partie Froe komm zum Projet an et sinn eng Partie nach wäit méi spannend Iwwerleeunge komm.

Zum Projet, de Rapport vun 2006: Wuerfir huet d'Chambre professionnelle deen net kritt? Mä tout simplement well keen do ass an et konnt och keen do sinn, well d'Gesetz seet bis ewell, bis dass et haut ofgeännert gëtt, dass fir den 31. Juli 2007 ee Rapport gemaach gi muss iwwer alles, bis nach den 31. Dezember 2006 mat. Dat heescht, mir konnten de Rapport net virdru maachen. Mir hunn eis dunn d'Fro gestallt: Maache mir elo e Rapport? Gi mer deen an Optrag? A mir

waren der Meinung, dass et ebe besser wär, notamment weinst dem Statut unique, och elo kee Rapport an Optrag ze ginn, mä dat weiderzemaachen. Dofir gëtt et kee Rapport, soss hätt och selbstverständlech Är Kommissioun dee Rapport kritt.

Datum! Wuerfir iwwerhaapt en Datum? De Statsrot seet a sengem Avis zum Code du Travail: Haalt op mat deene «sunset clauses». Maacht keng Datume wou eppes ofleeft, maacht et definitiv. Ech deelen déi Approche. Hei war et mer awer elo net méiglech, well mer hei nach ëmmer déi Dis-kussioun hunn, dee Kompromëss vu méi oder manner Flexibilitéit mat de Sozialpart-ner, an ech wollt elo net am Hauruckverfah-ren deen ale Rapport ausser Kraaft setzen. D'Sozialpartner ware mat mer eens dat laangfristeg aussetzen, an ech mengen dat solle mer och elo maachen.

Mir hunn elo den 1. Januar 2012 virgesinn. Elo kann et sinn, dass am Kader vun den Diskussiounen vum Statut unique aner Dispo-sitions transitoires kommen. Wann dat sollt esou sinn, da musse mer deen heiten Arti-kel och upassen. Et ass evident, dass, wa mer am Statut unique Iwwergangsfristen drasetzen, et dann eng Iwwergangsfrist gëtt an net 27. Dat soll dann eng sinn an da gëtt alles, wat an där Iwwergangsperiod läit, soll an déiselwecht goen. Dat heescht: Deemno wéi et ass, komme mer op dësen Datum zréck. Deemno wéi et ass, bleift e sinn.

Dann d'Evaluatioun. Dir wësst, dass dat eppes ass, wat dem Aarbechtsminister be-sonnesch um Härz läit. Nom 5611, deen elo den 1. Juli ugefaangen huet, huet och d'Evaluatioun schonn direkt ugefaangen. Mir hunn direkt do een drop gesat, an dat wëlle mer och an Zukunft maachen. Nun ass et méi einfach Evaluatiounen ze maa-chen, wann et sech ëm Moosnamen han-delt, déi de Ministère respektiv hei d'Verwal-tung, also de Stat, kontrolléiere kann. Bei der Flexibilitéit ass dat net esou evident, well dat d'Sozialpartner sinn.

Ech wäert dofir, wéi ech et bei der viregter Evaluatioun gemaach hunn, den ORPE be-faassen, den Observatoire des Relations Professionnelles et de l'Emploi, wat eng Tri-partitesorganisation ass, wou Patronat a Gewerkschaften och dra sëtzen. Ech wäert déi dann zesummeruffen a kucke wéi mer déi Evaluatioun do maachen, well ouni So-zialpartner kënne mer keng uerdentlech Evaluatioun hei maachen. Et ass also eng aner Zort vun Evaluatioun wéi déi, déi mer kënne maachen am 5611, respektiv déi, déi mer wäerte maache wëllen am 5144 iwwert d'Beschäftigungsinitiativen.

Dann ass déi Fro opgeworf ginn, et ass ei-gentlech eng Fuerderung komm säitens der DP: Kommt ewech vun enger Referenzpe-riod vu véier Wochen a gitt op zwielef Méint.

An elo soen ech direkt, dass mer dat net maachen, an dat aus zwee Grënn. Deen éischte Grond ass einfach deen, dass ech gemengt hunn, mir hätten e sakrosanke Prinzip, dee géif heeschen: Rien que la di-rective, toute la directive. An d'Direktiv seet ganz einfach, dass de Minister d'Gesetz, also d'öffentlech Hand ka bis zu sechs Méint goen, an dass nëmmen d'Sozialpart-ner kënnen op zwielef Méint goen. Dat heescht, nëmmen d'Sozialpartner kënnen no der Europäescher Gesetzgebung op zwielef Méint goen. Dofir ass déi Fuerde-rung zwielef Méint emol schonn direkt juris-tesch einfach falsch.

An eisem Gesetz steet dofir dran, dass d'Sozialpartner kënne bis zwielef Méint goen. Den Aarbechtsminister kann eng Re-ferenzperiod bis zu sechs Méint ginn. Hie kritt all Joer Demanden, awer net vill. Et sinn emol keng Dosen Demanden. Déi meescht hält hien un. Wann hie se oflehnt, da lehnt hie ganz seelen of, mä déi meescht hält hien un. Déi ginn dann och oft emol guer net bis op sechs Méint, well se och keng sechs Méint brauchen.

Ech soen dat och hei, well dat mat deenen zwielef Méint esou e Schlagwort ass, dass wann ee mat de Betriber zesummesëtzt, een oft feststellt, dass eigentlech keen zwie-lef Méint brauch. Mä et brauch een heiandsdo der dertëschent. An dat sollen am Prinzip d'Sozialpartner maachen.

Dat bréngt mech zu der zweeter Ursaach, woufir ech dergéint sinn op zwielef Méint am Gesetz ze goen: well mer e Problem hu vu Gouvernance économique. Mir liewen net méi am industriellen Zäitalter, wou d'Ge-setz alles konnt regléieren a wou d'Gesetz souwuel Flexibilitéit wéi Sécherheet konnt bidden. Dat war einfach: En Ouvriersre-gime, en Employésregime, an d'Gesetz huet deen een oder aneren am Detail re-gléiert.

Haut ass dat alles éclatéiert. Mir kënnen net méi am Gesetz alles regléieren. Mir ginn also am Gesetz ëmmer méi Fräiraum. Wa

mer natierlech am Gesetz Fräiraum ginn, da kréie mer nëmme Flexibilitéit ouni Sécher-heet. Wa mer gär méi Sécherheet hätten, da musse mer kucke wien dann am-plaz vum Gesetzgeber kann déi Sécherheet mat era-bréngen, oder d'Flexibilitéit. Dat ass d'So-zialpartnerschaft.

An Europa ass d'Sozialpartnerschaft do-heem, an dofir sti mer zu deem Prinzip. De John Castegnaro huet och nach eng Kéier widderholl gehat, dass d'Sozialpart-nerschaft soll Flexibilitéit a Sécuritéit ginn. An ech soen et nach eng Kéier: D'Sozialpart-nerschaft kann an de Kollektivvertråg bis zu zwielef Méint goen, wat den Aarbechtsmi-nister net kann, a wat hien opgrond vun der Europäescher Gesetzgebung net däerf.

Iwwerstonnen. D'wesentlech Fro ass: Firwat brauch een Iwwerstonnen? D'Gesetz gesäit zwou Méiglechkeete vir, fir Iwwerstonnen ze maachen. Déi eng sinn déi, do wou einfach Nout am Betrib ass. Dat heescht, Dir schafft mat Frëschwueren an Dir musst déi Frësch-wueren nach verschaffen, well wann Der mar erëmkommt, da sinn d'Frëschwuere verdueren. Oder d'Maschine si futti. Dat ass déi eng Zort vun Iwwerstonnen, wou einfach en Noutfall am Betrib ass, fir de Be-tribsdéngscht ze maachen.

Da kënnt déi zweet. Dat sinn normal Iwwer-stonnen. Iwwert déi schwätzen ech net. An da kommen déi Iwwerstonnen, déi mer ëm-mer diskutéieren. Dat sinn déi Iwwerston-nen, déi de Betrib brauch, well e méi Pro-duktioun huet. Dat sinn also wirtschaflech bedéngten Iwwerstonne weinst der Produk-tivitéit vum Betrib, a wou de Betrib seet: Jo, dat doten, dat ass elo eng Kéier do. Ech kann net nei Leit astellen, wann ech eng Kéier een Dag, eng Woch oder e Mount oder dräi Méint méi Produktioun hunn. Déi Iwwerstonnen, dat sinn déi wou d'Tripartite '76 gesot huet: Déi sinn elo agefruer. Den Aarbechtsminister muss eng Autorisatioun ginn, wann een déi mécht, well wa man-ner Iwwerstonnen do sinn, gëtt méi Emploi ge-schaf.

Elo mengen ech, dass dat falsch ass. Ech mengen nu wierklech, wann een d'Struk-tur vum Chômage kuckt, dass een net ka vu vir-era soen: Manner Iwwerstonne gëtt méi Em-ploi, virun allem gëtt et manner Chômage. Wat awer e Punkt ass, iwwert dee mer och diskutéiere mat de Sozialpartner am Kader vum Statut unique, dat ass deen, dass Iw-werstonnen, wa se strukturell ginn an net méi punktuell sinn, déi Risiken hunn, dass ee méi krank gëtt an dass ee méi Aar-bechtsaccidenter mécht.

An dat ass e Punkt, dee mer och mat de So-zialpartner diskutéieren, mat deene Vir-schlei, déi mer elo gemaach hunn am Statut unique. Fir d'Iwwerstonne souwuel fir de Pa-tron wéi fir de Salaré eventuell méi lukrativ ze maachen, ass eng Contrepartie, déi den Aarbechtsminister gär hätt. Hien hätt gär Zougank zu den Donnéeën vun der IGSS, déi en an Zukunft kritt, fir erauszefanne wivill Iw-werstonnen all Betrib mécht. Fir déi Betriber, déi strukturell mat Iwwerstonne fueren, eran-zeruffen, fir ze soen: Ma, sollt Der net léiwer Leit astellen, ob Der se elo bei eis fannt oder net, mä awer Leit astellen? An déi zweet ass, fir och ze kucken: Majo, wivill Absen-téismus hutt Der?

Et kann een net engersäits soen: Mir fuere gär mat méi Iwwerstonnen, an anerersäits soen: Mir hunn ze vill Absentéismus. Ze vill Iwwerstonne schafen Absentéismus, well wann een ze vill Iwwerstonne mécht, gëtt ee krank. An dat ass e ganzen Themekomplex, dee mer elo kucken.

Mir hu jo eppes gemaach, nämlech mam 5611 hu mer gesot: De Minister brauch keng Autorisatioun méi ze ginn. D'Iwwer-stonnen, déi de Betrib mécht, gi just notifi-zéiert. Mir hunn also do eng Simplification administrative gemaach. Mir sinn elo am-gaang ze kucken. Wa mer eens gi mat de Partner, kënnt eng nei Solutioun. Wa mer elo net eens gi mat de Partner, dann ass natier-lech den Aarbechtsminister fräi op seng Proposen zréckzekommen. Mä wa mer eens ginn, kënnt jo eng nei Proposition, wou jiddferen u sech am Cash derbäi-gewënt, souwuel de Salaré, an de Patron verléiert op d'mannst keen, a Verschiddener gewannen. Mä d'Contrepartie muss awer sinn, dass mer d'Iwwerstonnen am Grëff be-hale weinst dem Problem vun der Krankheet a vun den Accidenter.

Livre vert. Ech sinn absolut dermat d'ac-cord, dass mer dat eng Kéier hei diskutéie-ren. Wéi de Livre vert erauskomm ass, hat ech Är Kommissioun gefrot, ob d'Chamber dat wéilt organiséieren oder ob ech dat soll organiséieren. Et war dunn de Wonsch, dass de Minister déi Debatt soll organiséie-ren. Dat huet de Minister och gemaach. Mir hu jo och eng Äntwert als Regierung ginn un Europa. Et si jo och eng Partie Partner, no-tamment d'Sozialpartner, déi Äntwerte ginn hunn.

Elo fänkt d'Kommissioun un dorobber ze reagéieren. Et ass elo schonn eng éischt Kommunikatioun eraus, déi och elo wäert ënner Portugisescher Présidence disku-téiert ginn. Ech verschlësse mech net - au contraire - enger Debatt bei eis an der Kom-missioun iwwert d'Weiderféiere vun deem Livre vert.

Ech géif lech dann och bieden déi Positioun vun der Regierung ze liesen, déi, mengen ech, ganz interessant ass, well se och op verschidde Froen äntwert, dass et eigent-lech déi falsch Froe sinn. Notamment soe mer ganz daitlech, dass et falsch ass eng mathematesch Liaison hierzestellen të-schent Kënnegungsschutz an Emploi. Mir hunn no der OCDE den héchste Kënne-gungsschutz, a mir schafen awer am meeschten Emploi. Et ass natierlech och falsch ze mengen, mat héijem Kënnegungs-schutz kéint een d'Problemer vum Chô-mage léisen. Dat bedéngt erëm eng Kéier aner Solutiounen. Mä déi Debatt kënn mer jo da féieren.

Dann e lescht Wuert. Débat d'actualité. Am Hierscht selbstverständlech; ech hat mer et schonn opgeschriww e fir elo. Mä ech men-gen, mir waren eis all eens, dass mer deem Débat d'actualité sollen am Hierscht maachen. An da kënn mer jo dann nach all déi Froen opwerfen, déi elo jiddfereen haut gä-ren opgeworf hätt, awer net jiddfereen op-geworf wollt gesinn, well mer effektiv sollten zum Artikel L.211-1 schwätzen.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Domadder si mer fäerdeg mat den Debat-ten iwwert de Projet de loi 5714 a mir kom-men zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

12. Résolution de M. Xavier Bettel relative au mariage des couples homosexuels (vote)

Dir Dammen an Dir Hären, ech géif propo-séieren, dass mer dann zur Resolutioun géife kommen, déi den honorabelen Här Bettel haut de Mëtten déposéiert huet. An der Zwëschenzäit si fënnef Ënnerschrëften op der Resolutioun, déi mer virläit. Kënn mer direkt zur Ofstëmmung kommen? Kënn mer par Main levée ofstëmmen? Da maache mer de Vote électronique.

Vote

D'Resolutioun ass verworf mat 38 Nee-Stëmmen, bei 22 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Marc Angel, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Hel-minger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Ca-mille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Jacques-Yves Henckes.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Mar-cel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Ober-weis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Laurent Mosar), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Du-val), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Alex Bodry, John Castegnaro, Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer et Romain Schneider;

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dir Dammen an Dir Hären...

(Interruption)

Här Bettel, mir kommen elo zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet 5715 iwwert de Comité d'entreprise européen. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Glesener.

13. 5715 - Projet de loi portant

1. transposition de la direc-tive 2006/109/CEE du Conseil du 20 novembre 2006 portant adaptation de la directive 94/45/CE concernant l'institu-tion d'un comité d'entreprise européen ou d'une procédure dans les entreprises de di-mension communautaire et les groupes d'entreprises de dimension communautaire en vue d'informer et de consulter les travailleurs, en raison de l'adhésion de la Bulgarie et de la Roumanie;

2. modification du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

» **M. Marcel Glesener** (CSV), *rappor-teur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kollegen, dat ass eng techesch Fro, déi mer mussen erklären. Et ass also keng fun-damental Transpositioun vun enger Direktiv.

Ganz kuerz: Ëm wat geet et? Virun e puer Méint hu mer hei eng Direktiv an eis national Gesetzgebung ëmgusat. Do geet et drëm am Zesummenhang vun den europäesche Betribsréit eng Institutioun ze schafen, déi déi Verhandlung feiert. An déi Kommis-sioun oder déi Institutioun, déi heescht Groupe spécial de négociation. Déi huet also d'Befugnisser, fir an deenen eenzelne

Memberstate vun der Europäescher Unioun Konditiounen mat de Betriber, déi a Fro kom-men, ze diskutéieren an ofzeschléissen iw-wert d'Organisatioun vun der Gestaltung vun engem europäeschem Betribsrot.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Wéi déi Direktiv hei gestëmmt ginn ass, hunn eng Rei Staten der Europäescher Unioun nach net ugehéiert. An deemools ass gesot ginn, déi Kommissioun setzt sech zesummen aus maximal 18 Verrieder. Dat hätt bedeit, datt eng ganz Rei aner Länner, nodeems se Member gi si vun der Europä-escher Unioun, ausgeschloss wiere vun där Kommissioun, déi an der Europäescher Unioun déi Betribsréit négociéiert. Duerfir huet d'Europäesch Kommissioun d'lescht Joer en neie Projet de directive op den In-stanzewee ginn, deen déi maximal Zuel vun de Memberen net liéiert op iergendeng Zuel, mä liéiert op d'Zuel vun de Länner, déi Member an der Europäescher Unioun sinn.

Dat ass ganz logesch. Et geet elo drëm deem Rechnung ze droen an déi Direktiv a Lëtzebuenger Recht ëmzesetzen; dat heescht datt mer leedeglech soen, keng 18 Membere maximum, mä maximal setzt déi Kommissioun sech zesummen aus alle Ver-trieder vun de Memberstate vun der Euro-päescher Unioun.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, méi ass et net. Et ass also eng ganz einfach Transposi-tioun technescher Aart vun enger europä-escher Direktiv. An ech ginn och selbst-verständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

(Interruptions)

» **M. le Président.**- Merci, Här Rappor-teur. D'Wuert huet den Här Krieps.

(Interruption)

D'Wuert huet dann den Här Castegnaro.

Discussion générale

» **M. John Castegnaro** (LSAP).- Mir soen dem Rapporteur Merci a mir ginn eis Zoustëmmung.

Merci.

(Hilarité)

» **Une voix.**- Très bien.

» **M. le Président.**- Ageschriwwen ass nach den Här Henckes.

(Interruption)

Och den Här Henckes gëtt säin Accord. D'Regierung huet dann d'Wuert.

(Interruption)

Dann ass d'Diskussioun elo ofgeschloss. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 5715. Den Text steet am Docu-ment parlementaire 5715³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5715 ass eestëmmeg uge-holl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Mar-cel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Ober-weis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Norbert Hauptert), Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie An-drich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Hel-minger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5554 betreffend den Date-schutz. Et hu sech ageschriwwen: den Här Santer, den Här Grethen, den Här Schreiner an den Här Braz. D'Wuert huet de Rappor-teur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, wann ech gelift.

14. 5554 - Projet de loi por-tant modification

- de la loi du 2 août 2002 rela-tive à la protection des per-sonnes à l'égard du traite-ment des données à carac-tère personnel;

- des articles 4 paragraphe (3) lettre d); 5 paragraphe (1) lettre a); 9 paragraphe (1) lettre a) et 12 de la loi du 30 mai 2005 concernant la pro-tection de la vie privée dans le secteur des communica-tions électroniques et

- de l'article 23 paragraphe (2) points 1. et 2. de la loi du 8 juin 2004 sur la liberté d'ex-pression dans les médias

Rapport de la Commission de la Fon-ction publique et de la Réforme adminis-trative, des Media et des Communica-tions

» **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kollee-gen, et ass net d'Gewunnecht vum Législa-teur, all gudd Broutdag seng Gesetzer ze änneren. Besonnesch net dann, wa se emol keng fënnef Joer al sinn. Mä dat ass vläicht en Zeeche vun eiser schnellieweger Zäit, datt dat, wat gëschtt gutt war, haut schonn iwwerholl ka sinn an da konsequenterweis iwwerschafft muss ginn.

Et kënnt awer och vir, datt e Gesetz an d'Re-visioun muss, well et beim éischte Worf net esou richteg gerode war. Zum Beispiill, well et sech ëm eng Matière gehandelt huet, mat där d'Auteure vum Gesetz deemools nach net gradesou familiär waren, an datt se duerfir beim éischten Ulaf méi oder weéne-ger op Probéierchers ugewise waren.

Dat schéngt de Fall fir eist Dateschutzge-setz giewescht ze sinn, dat aus dem Joer 2002 staamt an dat elo duerch dëst neit Ge-setz an enger Rëtsch vu Punkten ofgeän-nernt soll ginn. Dat Gesetz ass deemools net iwwerall gutt ukomm, an dat virun allem, well seng Auteurs et ze vill gutt gemengt haten an op déi EU-Direktiv, déi dem Gesetz zu Grond louch, nach e bëssen dropgetä-selt a souzesoen d'Ham an der Mëllech ge-kacht hunn.

» **Une voix.**- Stellt lech emol vir, mir hät-ten näischt virgesinn...

(Interruption)

» **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur.*- Dorëm ass et jo net gaangen, Här Minister. Et ass dorëm gaangen, ob net ze vill ge-maach gi wär. Aus der duerchaus...

(Hilarité et interruption)

...aus der duerchaus...

Här Minister, aus der duerchaus lue-wenswäerter Suerg, déi Dir deemools hat, datt ee bei der Dateverwäertung esou vill Regele wéi méiglech misst abauen, fir datt nëmmen näischt un d'Perséinlechkeets-rechter vum Einzelne kënnt, war d'Direktiv méi wéi streng a restriktiv ëmgusat ginn.

Et huet do net laang gedauert - well elo kënnt de Problem - bis sech erausgestallt huet, datt et quasi onméiglech wär, d'An-hale vun deene sëllege Bestëmmunge wierksam ze kontrolléieren. Dat huet sech natierlech erëmgeschwat, wat da mat sech bruecht huet, datt deen een oder aneren d'Gesetz net ganz eescht geholl huet, och op d'Gefor hin, vläicht erwëscht oder da ge-héireg mat den Ouere gezunn ze ginn.

Et war de President vun där neier Kommis-sioun fir d'Dateprotektioun selwer, deen den Alarm gedréckt an ze verstoe ginn huet, datt hien ënnert deenen Ëmstänn net am-stand wier mat senge puer Mataarbechter déi Missioun ze assuréieren, déi de Législa-teur him ginn hat.

Hien an och déi sëllege Kritiker aus den Entrepen, deenen déi éischter wackeleg juristesche Situatioun vum Dateschutz géint de Stréch goug, sinn net op daf Ouere